CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

# Verhaalen CIS Kehlen

Zone Centre

# TABLE DES MATIÈRES


1. Verpfleegung 3

1.1 Iessen 3

2. Parking 3

3. Uerdnung am CIS 4

4. Kleedung 4

5. Openthalt am CIS no der Formatioun 4

# 1. Verpfleegung :

## 1.1 Iessen

Giess gëtt am Prinzip am Garage, do ass och RdV fir de Kaffi.

Ab 7:30 stinn hei Kaffi, Waasser an Mëtschen zur Verfügung.

D' Mëttegiessen gëtt op d' Platz geliwwert. Sollt dir eng Intoleranz hunn oder dir braucht en anere Menu (vegetaresch oder vegan), sollt dir kuerzfristeg eng Email un hotellerie@cgdis.lu, dem Service Hotellerie vum INFS, maachen.


Folgend Infoen musst dir uginn:

| | |
|---|---|
| Bezeechnung vum Cours: | *z.b. 22-25-FIS I.2* |
| Datum vum Cours: | *z.b. 18 an 19 Dezember 2024* |
| CIS wou de Cours ass : | *CIS Kehlen* |
| | *59, rue d'Olm* |
| | *L-8281 Kehlen* |
| Är Intoleranzen : | *är aktuell Intoleranzen* |
| | *Ob dir e vegetaresch oder vegan Menu wëllt bestellen* |

# 2. Parking fir ären Auto :

De Parking vum CIS steet zur Verfügung. Sollten net méi genuch Parkplazen fir d' Memberen vum CIS zur Verfügung stoen (z.B. am Fall vun engem Asaz) dann gitt dir Zougeparkt bis nom Asaz.

Um Site gëllt den Sens-Unique, dir musst **riets** ronderëm d' Gebai fueren



# 3. Uerdnung am CIS :

Am CIS besteet eng schwaarz/wäiss Trennung an den CIS ass a 4 Zonen agedeelt :

Propper: Alles ausser Garagen an Atelier ’en

Hei gëtt d’F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung oder SAP-Bottinnen gedroen

Hei ass d’Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box, -Stiwwelen an – Händschen) net erlaabt

Knaschteg awer net contaminéiert: Garagen an Atelier ‘en

D’Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box, -Stiwwelen an -Händschen) kann hei ugedoen a gedroen ginn.

# 4. Kleeder :

Während den theoretesche Coursen ass d’F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung ze droen.

Wann dir ukommt kennt dir är Kleedung déi dir net braucht an der Wäschstrooss ofleeën.

D’Asazkleedung ass wärend de praktesche Coursen ze droen.

# 5. Openthalt am CIS nom Cours :

Am CIS halen mir eis just an den Reim op, déi fir dës Formatiounen zur Verfügung stinn.

Nom Cours kennt dir iech net méi am CIS ophalen. Et ass och net méiglech Nuets am CIS ze schlofen.

Fir weidere Informatiounen kennt dir iech un den zonale Chef de Service Formation wenden:

Jean-François Bricher

Tel. +35249771 3031

zone-centre-formation@cgdis.lu